N° 4409
Reçue le 01.07.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Luxembourg, le 01 JUIL. 2021

Réf. : 839x19290

La Ministre de la Culture

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

**Objet : Réponse à la question parlementaire n° 4409 du 4 juin 2021 de Monsieur le Député Fred Keup**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question n° 4409 du 4 juin 2021 de Monsieur le Député Fred Keup au sujet des vestiges de l'église St. Ulric, avec prière de bien vouloir la continuer à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Sam Tanson
Ministre de la Culture

Annexe : réponse à la QP n° 4409

139-000050-20090730-FR

**Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 4409 vum 4. Juni 2021 vum Här Deputéierte Fred Keup**

1. Zanter 2018, wou d'Stad Lëtzebuerg hire *« Projet relatif aux futurs travaux de la renaturation écologique de la Pétrusse et de réaménagement du parc de la vallée en bordure de rivière »* am Kulturministère virgeluecht huet, lafen ouni Ënnerbriechung Gespréicher tëschent dem Staat an der Stad.

   D'Fouilles préventives déi de Centre national de recherche archéologique (CNRA) duerchgefouert huet, goufen Enn Mee ofgeschloss. Fir d'Ausgruewungen ze schützen, goufen se zougedeckt. De Service des sites et monuments nationaux (SSMN) an den UNESCO Site Manager begleeden de Projet vun Ufank un. Fir den Ament schaffen d'Servicer vun der Stad un engem Konzept zum Amenagement fir d'Place Saint-Ulric. Dee Projet läit fir den Ament nach net vir.

   Den 8. Juli 2019 huet d'UNESCO Commissioun hiren « Avis relatif aux futurs travaux de la renaturation écologique de la Pétrusse et de réaménagement du parc de la vallée en bordure de rivière » geholl. Dëse gouf och der Gemeng Lëtzebuerg matgedeelt, ier se hire Vote iwwert de Projet geholl huet. An dësem Dokument ginn nieft dem Site vun der Ulrichs-Kierch och d'Greinskapell, d'Wenzelsmauer, den archeologesche Site ënnert dem Schlittenhiwwel an d'Bourbonsschleis als wichteg historesch Plazen opgezielt. An deem Avis, vun deem eng Copie un de Centre du Patrimoine Mondial op Paräis geschéckt gouf, gi folgend Recommandatiounen ausgedréckt : «

   - la mise en en valeur du site de l'église St Ulric, de la chapelle St Quirin, de l'écluse Bourbon, des parties du mur de Wenceslas ;
   - leur lisibilité historique sera accrue dans l'ensemble du site;
   - l'aménagement de la place St Ulrich comme lieu vivant mettant en scène les découvertes archéologiques. »

2. Fir den Ament läit vu Säite vun der Gemeng nach näischt definitives vir. De Kulturministère vertrëtt an der UNESCO-Zone d'Intérête vun der « Convention concernant la protection du patrimoine mondial culturel et national », déi Lëtzeberg 1983 ënnerschriwwen huet. De Site läit an der Kärzon vu « Lëtzebuerg Alstad a Festung » an ass am Plan général d'aménagement de la Ville de Luxembourg Deel vum „secteur protégé du Grund, de Pulvermuhl et du promontoire du Rham". De 7. November 2018 huet de Comité de gestion auprès de l'UNESCO Site Management sech mam Projet vun der Renaturatioun an den Aménagementer am Péitrussdall, an domat och zur Place Saint-Ulric befaasst. Den 8. Juli 2019 gouf der Stad Lëtzebuerg den Avis vun der UNESCO Commissioun Lëtzebuerg mat den uewegenannte Recommandatioune fir en zukünftegen Amenagement vun deem Site matgedeelt. De 4. Dezember 2019 huet d'COSIMO sech mam « projet de renaturation écologique de la Pétrusse et le réaménagement du parc de la vallée en bordure de rivière » befaasst. Bis Enn Mee 2021 huet de CNRA op dem Site vun der Place St Ulric präventiv Fouillen duerchgeféiert. Dës Resultater fléissen an d'Ausarbechtung vum Amenagementskonzept fir déi Plaz mat an. De CNRA, den SSMN an den UNESCO Site Manager begleede permanent dëse wichtege Projet, fir datt déi historesch wäertvoll Zeien déi fonnt goufen, och valoriséiert ginn.

3. D'Concertatioun mat de Bierger steet um Ufank vun dem Projet iwwert d'Notzung vun der Place Saint-Ulric. Ufank 2018 goufe „Consultations citoyennes-Réuniounen" zu den Amenagementer am

Gronn vun der Gemeng Lëtzebuerg organiséiert. De Kulturministère wor vun Ufank un hei mat agebonnen. Den Avis vun der UNESCO Commissioun gouf zesumme mam CNRA, dem SSMN, dem Expert fir Gaardenarchitektur Marc Schoellen, de Frënn vun der Festung, dem Syndicat des Intérêts locaux Stadtgrund an de Frënn vun der Greinskapell virbereet. Wann dem Ministère eng Demande zur Kooperatioun vun Denkmalschutz-Organisatiounen fir dëse Projet virläit, stinn hinne bei ons am Haus all Dieren op.